N° 5358
Reçue le 07.12.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.12.2021

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 7. Dezember 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Den Delai fir d'Booster-Impfung fir Leit, déi mat AstraZeneca geimpft goufen, gouf bekanntlech vu 6 op 4 Méint erofgesat. Déi concernéiert Leit krute mengen Informatiounen no awer nach keng Invitatioun. Och net déi, déi scho bal um Enn vum initialen Delai vu 6 Méint ukomm sinn.

Menges Wëssens goufen des Weideren AstraZeneca-Geimpfter, déi iwwer den Delai vu 4 Méint eraus waren, dëser Deeg an engem Impfzentrum ofgewisen. Net, well den Undrang ze grouss gewiescht wier, mee well si besoten Invitatioun fir d'Booster-Impfung net virleeë konnten. Déi betraffe Leit goungen doropshin an den Impfbus, deen och Statioun an där Uertschaft gemaach huet. Do krute se dann och – ouni Invitatioun – déi gewënschte Booster-Impfung, nodeems se an enger File vu gutt 100 Leit hiren Tour ofgewaart haten.

D'Regierung recommandéiert och, sech beim Hausdokter impfen ze loossen. Mee och do sinn d'Waardezäite laang.

Virum Hannergrond vun der Campagne „Lëtzebuerg léisst sech impfen" wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen :

- Firwat kréien d'Leit, déi mat AstraZeneca geimpft goufen, keng Invitatioun geschéckt?
- Wéini sollen dës Leit fir d'Booster-Impfung invitéiert ginn?
- Wéi erkläert d'Madamm Gesondheetsministesch, dass an den Impfzentren keng Booster-Impfungen administréiert ginn? Och dann net, wa keen Undrang ass?
- Wéi eng Initiative plangt d'Madamm Gesondheetsministesch ze huelen, fir d'Impfkapazitéiten generell a méiglechst séier erop ze setzen, d'Hausdokteren z'entlaaschten an den impfwëllege Leit d'Impfe sou onkomplizéiert wéi méiglech ze maachen ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5358 vum 7. Dezember 2021 vun der honorabeler Députéierter Madamm Martine Hansen.**

*•Firwat kréien d'Leit, déi mat AstraZeneca geimpft goufen, keng Invitatioun geschéckt?*

D'Invitatiounen fir Leit bei deenen die zweet Impfung mat AstraZeneca iwwer véier Méint zeréckläit, goufen Uganks der Woch vum 6. Dezember 2021 verschéckt.

*•Wéini sollen dës Leit fir d'Booster-Impfung invitéiert ginn?*

Soubal den Délai vun den 4 Méint no der zweeter Injektioun mat AstraZeneca, respektiv vun den 6 Méint no der zweeter Injektioun mat engem mRNA Impfstoff iwwerschratt ass, ginn an der folgender Woch d'Invitatiounen un déi concernéiert Leit erausgeschéckt.

*•Wéi erkläert d'Madamm Gesondheetsministesch, dass an den Impfzentren keng Booster-Impfungen administréiert ginn? Och dann net, wa keen Undrang ass?*

D'Booster Impfungen kënnen op Rendezvous an all den Impfzentren gemaach ginn.

D'Impflinnen an den Impfzentren fir Leit ouni Rendezvous sinn am Moment just fir déi Leit reservéiert, déi fir eng éischt Injektioun kommen. Dëst ass geduecht fir virun allem d'Impfung vu deenen, déi nach guer net geimpft sinn, ze vereinfachen an domat ze förderen.

*•Wéi eng Initiative plangt d'Madamm Gesondheetsministesch ze huelen, fir d'Impfkapazitéiten generell a méiglechst séier erop ze setzen, d'Hausdokteren z'entlaaschten an den impfwëllege Leit d'Impfe sou onkompliz éiert wéi méiglech ze maachen ?*

Den Impfzenter um Findel bei der Luxembourg Air Rescue wäert e Freideg den 10. Dezember 2021 nees opgoen an wäert exklusiv Booster Impfungen op Rendezvous duerchféieren. Den Zentrum wäert op voller Kapazitéit an den nächste Wochen fonctionnéieren a wäert soumat d' Offer un Méiglechkeeten fir Booster Impfungen virzehuelen erweideren.

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2021

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert